LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 14 octobre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 09:49, 14/10/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2816 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2816 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2816 vum 14. September 2020 vum éirewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert d'Schneide vun Hecken**

***No mengen Informatioune ginn et awer vun ëffentlechen Instanzen, haaptsächlech vun eiser Stroossebauverwaltung, iwwert de Summer Hecke geschnidden, also an der Verbuetsperiod déi am Naturschutzgesetz virgesinn ass. Dëst Verhalen ass jo ouni Zweifel en Agrëff an d'Liewensraim vu ville Vullenzorten. Des Virgäng sinn och net op eng Regioun limitéiert, mee no menger Informatioun geschitt dat am ganze Land.***

***1. Ass d'Madamm Ëmweltminister iwwer esou Infraktioune säitens ëffentléchen Acteuren informéiert, virun allem vun eiser Stroossebauverwaltung? Oder huet si d'Schneide vun Hecken am Summer autoriséiert? Wa jo, opgrond vu wéienge Bëstëmmungen, wéi dacks a fir wéieng Verwaltungen?***

Dem Ëmweltministère leien keng sou eng Informatioune vir. Falls dem honorabelen Deputéierten esou Faite bekannt sinn, wier et ubruecht dës méiglechst zäitno, wéi am Artikel 74 vum Naturschutzgesetz virgesinn, der Police, der Douane oder dem zoustännege Revéierfierschter ze mellen, déi der Saach da kënnen nogoen.

D'Gesetz gesäit keng Derogatioun fir Heckeschnëtt ausserhalb vun der festgeluechter Period vir. An dréngende Fäll, an deenen aus Sécherheetsgrënn mussen Hecken a Straich an der Vegetatiounsperiod ewechgeholl ginn, mussen des als Biotopzerstéierung traitéiert an, falls opportun, autoriséiert ginn.

***2. Gin des Verstéiss systematesch vun de Revéierfierschter erfaasst, déi jo alldeeglech um Terrain présent sinn?***

An hirer Funktioun als "officier de police judiciaire" (OPJ) ënnerstinn d'Fierschter dem Parquet, deem si Infraktioune rapportéieren. Den Ëmweltministère gëtt net systematesch gewuer wann Infraktioune constatéiert ginn.

***3. Wat si méiglech Konsequenze fir ëffentléch Acteure bei esou Verstéiss? Ginn esou Verstéiss un den zoustännege Parquet virugeleet?***

No Artikel 75 (2) 7° kann d'Schneide vun Hecken an der Zäit wou dëst verbueden ass mat 24€ bis 1.000€ bestrooft ginn. D'Gesetz mécht iwweregens keen Ënnerscheed tëschent ëffentlechen an privaten Acteuren.

Wéi scho gesot, ennerstinn d'OPJ direkt dem Parquet. Den Ëmweltministère ass am Beräich vun der Konstatatioun a Verfolgung vun Strofdoten néierens tëschegestallt.

Déi eenzeg Kompetenz déi beim Ëmweltminister läit, ass lafend illegal Aarbechten kënnen per Arrêté ze stoppen.

***4. Ass d'Madamm Ëmweltminister der Meenung dat et opportun ass fir engersäits op de Réckgang vun eiser Artevillfalt, virun allem de Vullen déi oppent Land brauchen, hinzeweisen an datt anerersäits ëffentlech Acteuren (Ministèren a Gemengen) Verstéiss géint den Arteschutz maachen andeemss wichtech Liewensraim wärend der Saison zerstéiert oder och nëmme gestéiert ginn?***

De Réckgang vun der Aartevilfalt an eisem Land ass manner op erkennbar individuell Verstéiss géint den Aarteschutz, sief et vun ëffentlechen, sief et vu privaten Acteure, zeréckzeféieren, wéi vill méi op eng systematesch, net ëmmer op de Moment erkennbar Zerstéierung vun ëmmer méi Deeler vum Ökosystem. D'Intensivéierung vun der Landbewirtschaftung, den zur Gewunnecht verkommenen Asaz vu gëftegen Herbiziden, Fungiziden, Insektiziden oder Rodentiziden, d'Ausbrëngen vun zevill Stéckstoff a villen aneren Substanzen sinn déi wichtegst Ursaachen fir en

allgemengen negativen Trend bei den Populatiounen vun Vullen, Insekten, Planzen a Mamendéieren. Déi punktuell Zerstéierung vun Hecken sinn souzesoen de siichtbaren Deel vum Äisbierg.

Grad di ëffentlech Acteuren gi sensibiliséiert fir den Heckeschnëtt méiglechst ëmweltverdréiglech ze maachen. Iwwert den Hecken- a Bamkadaster fleege verschidde Gemengen hier Hecken a Beem schonn no naturnoe Gestiounspläng. D'Stroossebauverwaltung huet sech och zousätzlech verflicht, wou d'Sécherheetsmesuren et erlaben, de Gréngschnett sou extensiv wéi méiglech ëmzesetzen.

Souguer wann no Artikel 17 (6) vum Naturschutzgesetz de Schnëtt vun Zierhecken bei den Haiser an an de Parken an der Vegetatiounsperiod *däerf* gemaach ginn, ginn notamment d'Gemenge sensibiliséiert dëst net ze maachen.

***5. Wéi wëllt d'Madamm Ëmweltminister op dee Constat reagéiere par Rapport zu hierem zoustännege Regierungskolleegen, respektiv géintiwwer de Gemengen?***

Wéi an der Aleedung geschriwwen, leien dem Ëmweltministère keng Informatiounen vir, déi et géifen erlaben, dem honorabelen Deputéierten säi Constat ze deelen.

***6. Ass d'Madamm Ëmweltminister der Meenung dat dës Praktiken zu enger Onzefriddenheet an der Ëffentlechkeet féieren? Fënnt si et gerecht, datt toleréiert gëtt, dat ëffentlech Acteuren Hecke schneiden awer zum Beispill eis Bauere mat haarde Strofe musse rechne wann si séch géingen esou verhalen?***

Wéi an der Äntwert op d'Fro Nummer 1 geschriwwen, ass et ubruecht datt den honorabelen Deputéierten seng konkret Informatiounen zu Verstéiss géint Naturschutzgesetz engem OPJ oder direkt dem Parquet géif viruleeden, besonnesch an Ubetruecht vun der Onzefriddenheet an der Ëffentlechkeet, déi duerch eng Inaktioun kéint entstoen.

D'Strofmooss ass vum Gesetz definéiert an d'Gesetz mécht keen Ënnerscheed tëschent ëffentlechen Acteuren an "zum Beispill eise Baueren".